

Commission du vivre-ensemble interculturel vum 24/04/2024

Presenzen

Présent	Absent
Brandenburger Rosie	Bisenius Jean-Claude (oofgemëllt)
De Rocco Magali	Block Stefanie (oofgemëllt)
Peiffer Véronique	Fernandez Samantha (oofgemëllt)
Pinto Toni	Kaur Narveen (oofgemëllt)
Ruppert Lydie	
Sadler Marie (Sekretärin)	
Ungeheuer – Origer Sylvia	

1. Pakt vum Zesummeliewen

- Dëst ass eng Initiative vum Familljeministère.
- Et kritt ee vum Familljeministère Léit un d'Säit gestallt, fir d'Zesummeliewe vun den Awunner an der Gemeng ze verbessern (Z.bsp zwëschent néien Awunner an Awunner déi scho méi laang an der Gemeng wunnen)
- « Wat bedeit Zesummeliewen ? » « Wat bedeit de pakt ? »
- D'Fro stellt sech op mir als Kommissioun solle fir dëse Pakt beim Ministère informéieren. D'Magalie freet mol provisoersch bei engem Responsabel vum Projet no fir méi Informatiounen ze kréien a mescht eis dann an der nächster Versammlung e Retour .

2. Wellkomm Patt fir néi Awunner

- Mir wëlte vum Schäfferot wëssen op si dëst wëllen organiséieren oder op d'Kommissioun dëst iwwerhuele soll ? D'Fro stellt sech och op dëst réckwierkend soll organiséiert ginn oder « just » fir déi néi Awunner vun 2024 ? Eis wier et och wichteg ze wësse wisou dëst déi läscht Joer net organiséiert gouf ?

3. Ziler

Wëlle mir als Kommissioun eis Ziler sëtzen fir déi nächst 5 Joer?

-> Mir hunn als Kommissioun décidéiert, dass mir mol kucken waat beim Pakt vum Zesummeliewen rauskënnt an dann eis Ziler dorop baséieren.

4. Noperschaftsapp:

D'Asti beréit driwwer wann een als Gemeng dës App well en place sëtzen. D'Gemeng muss d'Initiative huelen sech bei der Asti ze mëllen.

Mir géingen et als Kommissioun gutt fannen, wann d'Gemeng sech hei riwwer géing informéieren an dës App kéint en place gesat ginn.

5. Nächst Versammlung:

06/06/2024: 20:00